

Nach e puer Bedenken zum neie Finanzement fir d'Museksschoulen

Vum Diana Hoffmann | Update: 06.12.2021 17:59 | [1 Commentaire\(n\)](#)



© RTL-Archiv

D'Museksschoule solle vun der nächster Rentrée un nei organiséiert ginn, och de Finanzement gétt ugepasst. An zwar esou, wéi en eigentlech scho sollt sinn.

De Méindeg hunn iwwert d'Mëttesstonn eng Partie Buergermeeschtere sech fir d'Reunioun vum Gemengesyndicat, dem Syvicol, getraff. E puer Bedenke bleiwen awer nach vu Säite vun de Gemengemammen a -pappen.

D'Museksschoul soll méi kloer an dräi Deeler agedeelt ginn. An déi lokal a regional Museksschoulen an eben de Conservatoires, wou d'Coursen no den ënnerschiddleche Qualifikatiounen ugebuede ginn. Finanzéiert gi sollen dës zu engem Drëttel duerch de Gemengebudget, zu engem Drëttel aus dem Fond de Dotation Communal an zu engem Drëttel vum Staat. Sou stéing et am Gesetz, mee applizéiert gi wier dat net, seet de President vum Syvicol, den Emile Eicher.

"Mir waren an Tëschenzäit dorop erauskomm, datt d'Gemengen d'Hallschent finanzéiert haten. An dann nach eng Kéier ee Véierel aus dem Fond de Dotation globale komm ass. Wat jo och de Gemengen hir Sue sinn. An de Staat huet am Fong just nach ee Véierel gedroe vun de Gesamtkäschte vun der Museksschoul."

Mat engem Taux horaire soll elo och garantéiert ginn, datt et kee Plaffong méi géing ginn, fir de Part, deen de Staat iwwerhëlt. Där Iddi traut een awer nach net sou ganz.

"Do hu mir och nach eis Bedenken, well mer fäerten datt déi ze niddereg sinn, well se baséieren op Donnéeën, déi op der Vergaangenheet opgebaut gi sinn, an e bëssen héichgerechent goufen op dëst Joer. Mee antëschent hu mer awer och eng Revalorisatioun vun de Karriären. A mir hunn nei Bedéngungen. De Conservatoire muss zum Beispill mindestens een Drëttel vu sengen Enseignanten aus der A1-Karriär hunn. Dat bedeit jo dann och méi Käschten."

Weider fäert de Syvicol nach, datt Schüler, déi ofbriechen, net am Finanzéierungsmodell mat zréckbehale géinge ginn. Falls Schüler decidéieren opzehalen, wiere fir si jo awer Proffen agestallt ginn, fir déi d'Gemenge misste Paie bezuelen.

"Plazverweis light"

E weidere Punkt, iwwer deen an der Reunioun geschwat gouf, war dann den neie Plazverweis light, deen éischter gréisser Gemenge wäert betreffen.

"D'Fro stellt sech, ob dat Gesetz och esou kann ëmgesat ginn, wéi mir et elo mengen, datt et misst ëmgesat ginn. Dat heescht datt een d'Leit net ewech hëlt, an da sinn se eng hallef Stonn drop erëm op där selwechter Plaz. An dofir hu mer eis och gefrot, wat mat deenen hire Saache geschitt."

Doriwwer géing sech d'Fro stellen, wou een déi Leit wéilt hibréngen, oder ob een se einfach géing op déi aner Stroossesäit schécken. Hei misst een nach kucken, wéi d'Ëmsetzung wäert sinn.